ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an den Här Wunnengsbauminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5766 schreift d'Regierung zu der Méiglechkeet, e Klimaprêt fir d'energeetesch Sanéierung vun engem private Logement unzefroen ënner anerem dat hei: "*Dës Zuele weisen, dat de Klimaprêt net den erhofften an néidegen Erfolleg kennt, wéi et néideg wier, fir engersäits déi energetesch Renovatioune vun eelerer Bausubstanz virun ze dreiwen an anerersäits grad deene Stéit mat méi niddregen Akommes ze hëllefen*". Weider schreift d'Regierung och: "*Nieft anere Mesurë wéi zum Beispill de Subside vun der PRIMe House, soll de Klimaprêt et erméiglechen, bei enger Renovatioun den Energieverbrauch ze reduzéieren an d'Nohaltegkeet vum Gebai ze verbesseren. Fir dass dat geléngt, ass bei dëse Renovatiounen eng Energieberodung*[3] *virgesinn. Dës Berodung mat Projetsbegleedung duerch een agreéierten*[4] *Energieberoder* [...]. Zu dëser u sech begréissenswäerter Moossnam gouf mir zougedroen, datt Bierger oft mat an engem héije véierstellege Betrag mussen a Virleeschtung goen, ouni awer ze wëssen, ob si d'Ënnerstëtzung zougesot kréien, wat grad fir Leit déi net vill verdéngen e grousse finanziellen Zousazrisiko duerstellt, dee liicht kann ofschrecken.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung dës Virgäng bestätegen? Falls jo, kann d'Regierung elaboréieren, firwat d'Leit net och am Fall vun engem negativen Avis, e Remboursement vun dëse Berodungskäschte kënnen ufroen, besonnesch well jo d'Zil "*grad deene Stéit mat méi niddregen Akommes ze hëllefen"* bis ewell net erreecht gouf?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten